Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 4. August 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Digitaliséierungsminister an un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

Nodeems, datt Frankräich rezent iwwert eng Woch laang vu massiven, gewalttätege Krawaller erfaasst gouf, huet de President Emmanuel Macron eng zäitlech limitéiert Zensur vun de sozialen Netzwierker an d'Gespréich bruecht. Hei handelt et sech ëm eng Praxis, déi ee virun allem aus net demokratesche Staate kennt a beispillsweis am Fall vun der Tierkei an der Vergaangenheet och vun der EU kritiséiert gouf.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Wéi steet d'Regierung zu enger méiglecher Zensur vun de soziale Reseauen z.B. am Fall vun Onrouen? Géif d'Regierung wëllen esou eng Zensur vun de soziale Medien aféieren? Wa jo, ënnert wéi enge Konditiounen a mat wéi enge méiglechе Begrënnungen? Wéi e rechtleche Kader géing et ginn, fir esou eng Zensur anzeféieren? Wéi kéinten d'Bierger sech juristesch géint esou eng Zensur wieren?
2) Am Fall wou d'Regierung esou eng Zensur géing envisagéieren, wär dat net am Widdersproch zum Artikel 23 (2) vun eiser Verfassung?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten